Le caractère urgent de la question a été reconnu (28.06.2019)

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
28 JUIN 2019
841

Lëtzebuerg, den 28/06/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft & Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

Wéinst der Hëtztwell, déi momentan grouss Deeler vun Europa am Grëff huet, si vill Déierentransporter net an der Lag d'Konditioune vun engem aartgerechten Transport ze erfëllen, sou wéi en am Annexe I vum EU-Reglement 1/2005 virgesinn ass. Dëst mat schreckleche Konsequenze fir d'Wuel vun den Déieren.

De franséische Landwirtschaftsminister huet aus dësem Grond all d'Déierentransporter op franséischem Territoire suspendéiert bis d'Temperaturen sech erëm an engem akzeptabele Beräich befannen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Opgrond vun den extrem héijen Temperaturen, wéi vill Kontrolle bei Déierentransporter goufen dës Woch zu Lëtzebuerg ausgefouert?
  - Bei wéi villen Transporter sinn ze héich Temperature festgestallt ginn?
  - Wéi eng Strofe goufen doropshin ausgeschwat?

- Wäert d'Regierung, ähnlech wéi Frankräich, een zäitlecht Verbuet vun Déierentransporter arrêtéieren bis d'Temperaturen sech erëm normaliséiert hunn?
  - Falls jo, wou wäerten d'Déieren, déi op lëtzebuergeschem Territoire sinn, tëschenzäitlech versuergt ginn?
  - Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député